

Parasitär, kontraproduktiv a festgebak: Lëtzebuenger Kulturpolitik am Joer 2016

E Bäitrag vu Richtung22 fir d'Kulturassisen.

Zesummefaassung:

Déi lëtzebuenger Kulturpolitik ass just op Konschtconsommation ausgeriicht. Kontinuéierlech gouf d'Subventionéierung vu groussen Institutionen zanter dem Kulturjoer 1995 erhéicht - elo ginn 86% vum Kulturbudget direkt u grouss staatlech oder öffentlech Institutionen. Dës si finanziellen a programmateschen Zwäng ënnerworf a kënnen weder déi néideg Diversitéit hierstelle, fir e breede Public z'erreechen nach sech ëm Innovationsförderung këmmen. Och Verbesserungen um Aarbechtsmarché fir Kënschtler*innen an d'Schafe vu Perspektiven fir Jonker bleiwen aus. Trotzdeem gëtt d'Kulturpolitik all Méiglechkeet fir ze gestalten un d'Institutionen of a vernoléisst dobäi déi kënschtlersch Kreatioun. Insgesamt ass et eng kuerzsiichteg a wirtschaftsorientéiert Politik, déi de gesellschaftleche Besoin u Konscht net decke kann a just eng prestigééis Façade oprecht erhält.

Eng nohalteg Kulturpolitik misst elo een Investitiounsprogramm lancéieren an dobäi op déi grouss Potentialer setzen, déi et zu Lëtzebuerg gëtt, déi awer net genotzt ginn. Elo misst op déi lokal Verwurzelung an der immens diversifiéierter lëtzebuergescher Gesellschaft, déi jonk a gutt ausgebildete Generatioun, alternativ Produktiouns- an Distributiounsméiglechkeeten an op d'Nische gesat ginn. Mee dofir misst ee wierklech Kulturpolitik maachen.

Inhalt

I. ANALYSE	3
1) Fokus op Institutiounen	4
1.1) Historesch Entwécklung vu Kulturpolitik a -budget	4
1.2) Déi schéi Façade erhalen	4
1.3) Konsequenze fir de Rescht vun der Konschtzeen	5
1.4) De Filmsecteur	6
2) D'Kontrolliwerdroung un d'Insitiounen	6
2.1) Wéieng Konschtsparten?	6
2.2) Wéieng Aarbeschtsplazen?	7
2.3) Wéieng Fërderung?	8
2.4) Wéiee Public?	9
3) Gewollte Problemer?	10
3.1) De Prestige-Facteur	10
3.2) Parasite-Prinzip	11
3.3) Standuertpolitik amplaz Kulturpolitik	12
3.4) Dat däischtert Kapitel vun de Konschtberuffer	12
3.5) Jugendfeindlechkeet: "Das Boot ist voll"	13
4) Wat een doraus schléisse kann	14
II. LÉISUNGSVIRSCHLEI	15
1) Potentialer notzen	15
1.1) Elo dat lokalt als dat internationalt verstoen	15
1.2) Elo op d'Jugend setzen	15
1.3) Elo ophalen d'Infrastrukture sou eescht ze huelen	16
1.4) Elo op Nischen setzen	16
1.5) Fazit	17
2) Wat sech ännere muss	17
2.1) Kee Gestaltungsmonopol méi vun den Institutiounen	17
2.2) De Kreesslaf vun de Suen ëmdréinen	17
2.3) Ëffentlech Fonge fir d'Ereeche vu gesellschaftlech gesaten Ziler	18
2.4) Kulturetaterhéigung gebonnen un d'Entwécklungen	18
3) Konkret Virschléi	18
3.1) Undeel un direkter Fërderung fir Kreatioun erhéijen	18
3.2) Stipendie fir Jonker	19

I. ANALYSE

"Mir brauchen eng Visioun, e Plang", "Et gëtt ee flagrante Mangel u Visioun a Strategie fir eng Kulturpolitik", "Mir brauchen eng kloer Visioun fir d'Kulturpolitik fir déi nächst 10 Joer", "et muss ee Kader, eng Zukunftsvisioun fonnt ginn" ¹.

Den Tenor virun den Kulturassisen, enger vum Kulturministère inszenierter Generalversammlung vun deene Leit, déi sech zur Konschtzeen vu Lëtzebuerg zielen, schéngt kloer: D'Kulturpolitik brauch eng Visioun. Dat kléngt engersäits wéi wa se keng hätten an anerersäits no engem Eelefmetri fir grouss Rieden ouni verpflichtend Resultater kënnen ze schmässen.

Et gouf an de Joeren zanter deene Lëtzebuerg déi éischte Kéier Kulturhauptstad wor ëmmer nees Kritik un der Kulturpolitik bzw. um Mangel u Visiounen, a gläichzäiteg de Versuch déi Kritik zesammenzefaassen a Konsequenzen ze zéien. Dee bis elo gréisste Projet wor de "Pacte culturel"², een Dokument mat kulturpolitesche Prioritéiten, dat 2008 vu sämtleche politesche Parteien ënnerschriwwen, awer ni ëngesat oder och nëmme seriö abordéiert gouf. Sou fënnt sech de Pacte culturel och am Regierungsprogramm erëm - verpflichtet awer offensichtlech keen zu iergendeppes. Mam geplangte "Kulturentwécklungsplang" steet lo een zweeten, dës Kéier vum Ministère selwer redigéierte Pabeier an Aussicht, an deen d'Konschtwelt elo Visiounen draschreiwen däerf an un déi sech da keen hale muss.

De Probleem vum Pacte culturel ass, dass d'Fuerderungen a Piste gréisstendeels ze allgemeng formuléiert sinn an dass net beduecht gouf, wéi déi lëtzebuerger Kulturpolitik u sech funktionéiert. Och d'Fuerderungen no enger Visioun iwverdeckt schlussendlech d'Tatsaach, dass et duerchaus eng coherent Linn gëtt, déi zanter dem éischten Kulturjoer duerchgezunn gëtt: U Visiounen huet et am Kulturministère nach ni gefehlt³. Et fehlt insgesamt éischter u Kritik un deene Visiounen.

Am virleienden Text soll dowéinst den aktuelle Funktionnement vun der Kulturpolitik zu Lëtzebuerg beliicht ginn. Et soll op d'Wuerzel vum Problem gekuckt ginn, fir vun do aus d'Symptomer nei an als Deel vun enger desastréiser Logik ze erklären. Wéi gett Kulturpolitik an der Praxis gemaach a vu weem? Sinn d'Problemer, déi schonn sou dax detektéiert⁴ goufe, gewollt? An engem zweeten Deel solle Léisungsvirschléi präsentéiert ginn andeems konkret Potentialer benannt ginn, déi et z'aktivéiere gëllt, fir an Zukunft eng aner Kulturpolitik ze maachen.

-
- 1 Erwaardungen zu den Kulturassisen, Aussoe vum: Myriam Müller <http://paperjam.lu/questions/voir-ce-qui-marche-ailleurs> , Serge Tonnar <http://jeudi.lu/une-politique-sans-culture/> , Ainhoa Achutegui <http://paperjam.lu/questions/integrer-la-culture-a-lamenagement-du-territoire> , table ronde um 100komma7 iwver d'Kulturpolitik <https://www.100komma7.lu/program/episode/121024/201601161203-201601161300>
 - 2 http://www.forumcultures.lu/index.php?option=com_content&view=article&id=5&Itemid=8
 - 3 Z. B. a sämtleche Wahlprogrammer vun den aktuelle Regierungsparteien
 - 4 Seet zumindest de Guy Dockendorf, deen 20 Joer laang éischten Regierungsrot am Kulturministère wor: "Ich hatte die Chance unter einer Reihe von Ministern zu arbeiten, die sowohl Visionen – im guten Sinne des Wortes – als auch genügend Durchsetzungsvermögen hatten, um diese Visionen anzugehen". E Grond méi iwverhaupt mol ze kucken, wéieng konkret fir Strategien a Prioritéiten d'lëtzebuerger Kulturpolitik hat an huet.

1) Fokus op Institutionen

1.1) Historesch Entwécklung vu Kulturpolitik a -budget

Fir déi heiteg Situatioun vun der Kultur zu Lëtzebuerg ze verstoen, kënn een net laanscht eng Analyse vun den Entwécklungen zanter deenen zwou Kéiere, wou Lëtzebuerg Kulturhauptstad war (1995 an 2007). Déi wesentlech Verännerung besteet doran, dass eng ganz Rei nei Institutione kreéiert goufen: d'Philharmonie, de Radio 100komma7, d'Abtei Neumünster, de MUDAM, den TNL, d'Rockhal, d'Rotonden an de Casino. Den Impakt op de Kulturbudget mécht däitlech, wéi eng Prioritéit dës Institutione fir d'Kulturpolitik zu Lëtzebuerg hunn: Vun den "Dépenses générales" vum Kulturministère 1991 woren 10% fir Institutionen virgesinn (deemols d'Bedeelungen um Escher an un de stadter Theateren), 2016 läit den Undeel vun "Dépenses générales", déi un Institutione gi bei 70%. Nieft den "Dépenses générales" gehéieren och nach déi Dépenses zum Kulturbudget, déi fest u staatlech Institutione gebonne sinn⁵. Den Undeel vun dese weideren Institutionen um gesamten Kulturbudget läit de Moment bei 50%, insgesamt ginn sou 86% vum Kulturbudget direkt un grouss Institutione weider.

Déi direkt Kulturförderung vum Ministère (Subside, Bourse, Conventiounen u méi kleng a Kreatiouns-orientéiert Institutionen) huet an deene leschte 25 Joer net wesentlech evoluéiert, mä ass konstant tëscht 12 an 18% vun den "Dépenses générales" bliwwen. Eenzeg an alleng d'Erhéije vum Budget un d'Fonds social culturel stellt een Trend duer, mécht haut allerdéngs och just een Undeel vun 2% vum gesamte Kulturbudget aus. Bemierkenswäert ass, dass och déi kommunal a privat Konschtfinanzéierung iwwert sëllech gréisser Institutione leeft.

Déi kulturpolitesch Visioun vun deene leschte 25 Joeren huet also praktesch doranner bestanen, no an no grouss Institutionen opzebauen an dat mat méiglechst bombastescher Infrastruktur (a mat entsprechende Betriibskäschten). D'Ukënnegung vum Xavier Bettel, en neie Konscht-Musée bauen ze loossen⁶, weist, dass och dës Regierung schlussendlech genee dee selweschte Wee weidergoe wëll an dat, obwuel et uganks ënnert dem Maggy Nagel interessanterweis een aneren Usaz gouf. Den Aussoe vun der deemoleger Ministerin no géif et lo duergoe mat Prunkbauten a wier och den Undeel vun de Suen, déi tatsächlech an d'Koscht fléissen ze niddreg. "Das kommt daher, dass die Kulturpolitik jahrelang nicht in Frage gestellt wurde. Das kann man zwar jetzt nicht rückgängig machen, aber man kann zumindest einen Schlusstrich darunter ziehen"⁷. Dese Schlusstréich gouf lo wuel ausradéiert.

1.2) Déi schéi Façade erhalen

Et war awer vun Ufank u kloer, dass eng Philharmonie, eng Rockhal, e groussen Theater an e Mudam net gebaut gi, fir der lokaler Konschtproduktioun e neie Kader a passend Entwécklungsméiglechkeeten ze ginn. D'Zil war et, international renomméiert Konschtacteuren an -atricen op Lëtzebuerg ze kréien, e Statement vum Frank Feitler steet hei symbolesch fir all d'Institutionen: "Als ich 2001 die Leitung vom Grand Théâtre übernahm, war mein Auftrag sehr klar. Ich sollte das Theater als eine wichtige Kulturinstanz der Stadt Luxemburg auf der europäischen Theaterkarte etablieren."⁸

Et gouf also net déi lokal Konschtproduktioun ausgebaut, et gouf eng Schicht international Konschtproduktioun "driwwergebaut" an da versicht, mat gréisserer Stied matzehalen. Duerch

5 Muséen, Nationalbibliothék an Nationalarchiv - si hunn hieren Undeel um Kulturbudget iwwert déi lescht 25 bäibehalen, beim CNA ass de Budget wesentlech geklommen, beim Sites et monuments wesentlech rofgaangen, CNL a Commissariat à l'enseignement musical sinn nei dobäikomm.

6 <http://www.lesstiel.lu/de/news/luxemburg/story/24589149>

7 <http://www.gouvernement.lu/3765983/04-nagel-revue>

8 <http://www.kulturmanagement.net/downloads/magazin/km1203.pdf>

den Import vun internationale Produktiounen ass sou probéiert ginn op internationalem Plang e gudde Ruff ze generéieren.

Fir d'Institutiounen waren awer keng grouss Gestaltungsméiglechkeete virgesinn. Di jeeweileg Gebaier hunn héich Ennerhalungskäschten (a stoungen dowéinst ëmmer nees an der Diskussioun, well se d'Institutiounen aschränken, z. B. MUDAM oder Rotonden⁹ an erfuerderen e grousst administratiivt an technescht Personal. Dowéinst gëtt et d'Noutwennegkeet, iwwer kommerziell net-kulturell Evenementer¹⁰ a privat Ënnerstëtzung¹¹ Suen anzehuelen, wouduerch d'Méiglechkeeten an d'Fräiheete vun der Programmation ageengt an op déi zentral Missioun - déi international Renoméie - fokusséiert gi sinn¹².

Duerch de Besoin un héijen Zommen alleng fir den Ennerhalt, hunn d'Institutiounen net nëmmen de Kulturbudget, mä och déi ganz Konschteezen an der Hand. Eng Baisse vum Budget fir d'Institutiounen bedeit, dass dës Suen bei der kënschtlerscher Kreatioun gespuert ginn. Eppes ass d'Kulturpolitik zu Lëtzebuerg domat sécher net: nohalteg.

1.3) Konsequenze fir de Rescht vun der Konschteezen

De Fokus op Institutiounen huet eng aner Säit vun der Medaille: An zwar d'Fehle vun effektive Finanzéierungskonzepter fir kleng a mëttelgrouss kënschtlersche Projeten, fir d'Schafe vu Perspektive fir Kënschtler*innen a fir Innovatiounsförderung. Kuerz: Fir d'Basisaarbecht, d'Aarbecht un der Substanz an der Innovatioun si keng Suen do. Am No-Budget Beräich ass d'Innovatioun zwar ganz héich, mee de Manque u Perspektiven entkräft och hei d'Versich kontinuierlech eppes opzebauen.

Wat d'Förderung vun einfache Projeten ugeet, ass de Kulturministère op sou engem primitiven Niveau, dass een net menge géif, et mat enger Regierungs-Institutioun aus dem 21. Joerhonnert, mä eischer mat engem Gemengebüro aus den 70er ze dinn ze hunn (bzw. eben mam Ministère des affaires culturelles aus der Pre-Kulturjoer-Zäit). D'Prozedure si beliebeg an intransparent¹³, stellen d'Demandeure virun onnéideg Problemer¹⁴, d'Finanzéierung orientéiert sech net un der Héicht vun de Beträg, déi realisteschweis fir Projeten ufalen¹⁵ an d'Beamt*innen vum Ministère haaptsächlech mat moralescher Ennerstëtzung amplaz mat Berodung beschäftegt - wat soll een*t do och roden, wann ee keng Tools huet.

Et gëtt deemno keng Kulturpolitik nieft der Finanzéierung vun Institutiounen. Et gëtt keng Kritären, no deene sech de Ministère aus kulturpolitescher Iwwerzeegung riicht an no deene

9 Kommentar dozou am Tageblatt: <http://www.tageblatt.lu/meinung/story/Bunte-Nullen-12665914>

10 Beispill "Art & Finance"-Konferenz vun Deloitte <https://www.philharmonie.lu/en/programm/the-7th-art-finance-conference/686>.

11 Beispill Abtei Neumünster, déi dräi Zorte Sponsoring ubitt, deemno souguer vu Sponsorsäit aus een Impakt op de Programm zouléisst: <https://www.neimenster.lu/index.php/fr/Culture/neimenster/Sponsoring>.

12 D'Maggy Nagel huet dësen Ëmstand am Juni 2014 an engem Revues-Interview beziffert: "Gegenwärtig ist es so, dass nur 30 bis 40 Prozent in die Kultur direkt fließen, der Rest des Budgets deckt die Funktionskosten und die Gehälter [fir administratiivt an technescht Personal]" (<http://www.gouvernement.lu/3765983/04-nagel-revue>).

13 Tatsächlech muss ee sech ee Word-Dokument roflueden a sechs Froe beäntweren, déi sou vaste gehal sinn, dass kloer ass, dass de Ministère net no objektive Kritären, mä no Dageslaun oder Bekanntheetsgrad vum Demandeur entscheed <http://www.rce.lu/cms/cms.php?cmspage=../media/load/file.php&id=36&sec=f9cd28b98a57f84aae52e1985462a62d&title=formulaire%20mc%20subside%20association>

14 Z. B. wann "op Rechnung" ausbezuelt gëtt, d'Kënschtler*innen sech also privat verschëlden an hoffe müssen, dass déi Rechnungen, déi se nom Ofschloss vum Projet areechen, unerkannt ginn.

15 A bei enger Demande vun 5000€ fir e 90-min. Spillfilmprojet mat 50 Bedeelegten, gëtt ee gekuckt, wéi wann ee sech eng Basilika baue wéilt.

Suen ausgedeelet ginn. Weder objektiv Kritäre fir Transparenz ze schafen (Public-Zuelen, Unzuel un Opdrëtter, Unzuel u bedeelegten Akteuren) nach stratgescher fir kulturpolitesch Ziler z'ereeche (Erreeche vum Zilpublikum, erhofften Impakt bei der Press an am ëffentlechen Discours) nach Kritären, déi den Opbau an d'Stabiliséierung vun der Konschtkreatioun erméiglechen (Nohaltegkeet, Kontinuitéit vu Projeten, Perspektiven).

1.4) De Filmsecteur

Den Opbau vum lëtzebuenger Filmsecteur ass eng Zort Kopie vun der Entwécklung vum Kultursecteur. Et gouf net ausgebaut wat do war oder Innovatioun gefërdert, mä et gouf versicht, international Produktiounen op Lëtzebuerg ze kréien. Instrumenter waren och hei finanziell Ureizer an Infrastruktur vun héchster Qualitéit (Filmland), souwéi ee Muechtmonopol fir d'Géirenen vun den Institutiounen (Filmproduktiouns-Boïten, déi, wéinst de Reegelen vum Filmfong, alleng vun der Finanzéierung profitéieren). Doduerch sollt op ee Schlag e ganz aneren Niveau agefouert ginn, op deem déi lokal Filmschafender dann ropgehewe - oder zumindest um Rand beschäftigt gi sollen. Filmpräiss, Filmfest a Filmakademie sollen den Androck vum "Weltrang" nach verstärken. Och hei mierkt ee sou lues, dass, trotz all den héichstiliséierten Erfollegsmeldungen, eppes fehlt: D'Substanz an der kënschtlerscher Kreatioun. Den Aarbechtmarché gesäit beim Film zwar e Stéck besser aus, wéi am Konschtsecteur, mä ass och méi op d'Beruffer konzentréiert, déi sech an der Peripherie vun der eigentlecher kënschtlerscher Kreatioun befannen.

2) D'Kontrolliwwerdroung un d'Institutiounen

All déi Facteuren, op déi d'Kulturpolitik een Afloss hu sollt, goufen un d'Institutiounen "outsourced". De Choix vu Konschtproduktioun, den Aarbechtmarché, d'Fërderung vu Nowuess an Innovatioun souwéi den Zougank zur Konscht gi vun den Institutiounen geréiert - mat problemateschen Konsequenzen.

2.1) Wéieng Konschtparten?

D'Konsequenz vun enger op grouss Institutiounen konzentréiert Konschtlandschaft ass déi, dass sech d'kënschtlerscht Schafen grondsäzlech un der Programmatioun vun den Institutiounen orientéiere muss - wat zum Ausschloss vu Nischenproduktiounen féiert a kleng Produktiounen ouni adequate Kader léisst. Dobäi kënnt, dass keng vun den Institutiounen zu Lëtzebuerg mat engem festen Ensemble schafft (d'Ausnahm ass den OPL¹⁶) an héchstens Residenzen offréiert. Doduerch gëtt eng richteg Kontinuitéit a Weiderentwécklung vu kënschtlerschem Schafen onméiglech an déi lokal Konschtproduktioun marginaliséiert. D'Institutiounen riichte sech no baussen - net no bannen. Ersat ginn d'Eegenproduktiounen dann duerch Produktiounen vu sech ëmmer nei zesummesetzenden Equipen ënnert de Konditiounen an dem Gusto vun den Institutiounen¹⁷, déi, fir hie Programm ze fëllen, op déi enorm Diversitéit vun internationale Produktiounen zeréckgräife kënnen, fir déi manner Preproduktiounskäschten ufalen.

Natirlech hunn d'Institutiounen aner Prioritéite bei der Sélectioun an domat bei der Ennerstëtzung vu Konschtproduktiounen. D'Institutiounen hunn hier eege Virstellung vu Kulturpolitik, dovunner wéi Konschtschafender ënnerstetzt gi sollen oder dovunner, wat de gesellschaftleche Besoin ass. Konschtinstitutiounen stinn a Konkurrenz zueneen an zu

16 De Staat hat de Symphonies-Orchester vun RTL iwwerholl.

17 Wat z. B. dozou féiert, dass sech RTL u lokal Musiker*innen mat dem Rot riicht, méi "kommerzielle Schäiss" ze produzéieren: <https://www.100komma7.lu/article/musek/letzebuenger-musek-um-radio>.

Institutionen am Ausland. Grad well déi lëtzebuergesch Institutionen awer net spezialiséiert sinn erhéicht sech de Konkurrenzdruck¹⁸. Zentral am Management vun den Institutionen ass déi eege Programmation, déi, fir den Impakt vun der Institution ze stäerken, natirlech sou koherent an eenheetlech wéi méiglech si muss. Logesch ass dowéinst den Trend, op der enger Säit Héichkultur fir d'Eliten an op där anerer Säit Mainstream-Evenementer fir d'kommerziell Massespeisung unzébiden.

Wéinst der Funktionsweis vun den Institutionen, ass et schwierig, si zum Acteur fir Innovationsförderung ze maachen. Z. B. probéieren d'Rotonden selwer Alternativen z'ënnerstëtzen, müssen dofir awer op där anerer Säit profitabel Evenementer unzéien. Op laang Dauer verhënnert dat eng eenheetlech an identitéitsschafend Programmation an deen noutwennigen Impakt huet et och net.

Nischeproduktion an alternativ Konschtsparten fir ennerschiddlech Millieuen a mat ganz diverser Programmation ginn et zwar - mee haaptsächlech am No-Budget Beräich, wat d'Iwwerliewens- an d'Entwécklungs-Chancen miniméiert.¹⁹

2.2) Wéieng Aarbechtsplazen?

Virun de Kulturjoeren war Konscht maachen zu Lëtzebuerg een Hobby. Dorunner huet sech prinzipiell erschreckend wéineg geännert, fir Kënschtler*innen hei am Land gëllen haut bal déi nämmelecht Liewenskonditiounen. Parallel zum Opbau vun den Institutionen ass et nämmelech net zum Opbau vun eegenen Ensembles oder engem dauerhafte Kader fir Konschtschafender komm. De Ministère réit de Kënschtler*innen dowéinst, Proff ze ginn an hier Konscht niewebäi ze maache oder äussert mat Bedauern, dass d'Professionaliséierung wuel just am Ausland méiglech wier. Et gëtt also nach ëmmer op déi nämmelecht Rezepten a Verträischungen zeréckgegraff, wéi virun de Kulturjoeren. Och déi éiweg Diskussiounen iwwert de Kënschtler*innenstatut²⁰ weisen, dass d'Kënschtler*inne selwer nach ni eng Prioritéit fir d'Kulturpolitik waren²¹.

D'Resultat ass en alldeeglechen Kampf op engem ausbeuteschen, prekären a liberaliséierten Aarbechtsmarché, dee sécherlech kee positiven Impakt op d'Konschtproduktion huet, mä éischer d'Talenter vum Marché dreift. Exceptiounen sinn den OPL als festen Ensemble vu professionnelle Kënschtler*innen a e puer kënschtlersch Plazen am TNL. De Mangel un Ensembles a längerfristige Feststellungen an der Konschtzeen ass natirlech kontraproduktiv fir déi lokal Kreatioun an Innovatioun.

Dat heescht awer net, dass sech soss keng Aarbechtsplazen an der Konschtwelt entwéckelt hätten. Organisateur*innen, Eventmanager*innen a Pädagog*innen sinn, nieft den Administratiounen an den Techniker*innen, d'Beruffer an der lëtzebuergescher Konschtwelt. Et si Beruffer, déi sech duerch d'Institutionen ronderëm déi eigentlech Konschtproduktion entwéckelt hunn. D'Konsequenz vum Fokus op d'Institutionen war och déi, dass den Aarbechtsmarché sech net bei der kënschtlerescher Produktion, mä am Kulturmanagement

18 Zum Beispill versicht sech de MUDAM mam Centre pompidou vu Metz ze moossen, e Verglach bei deem déi lëtzebuergesch Institution just vun der Façade hier mathale kann, bei Publicszielen a realem Impakt awer komplett ënnergeet: <http://www.mudam.lu/fileadmin/media/download/extra/Mudam%20Lordculture%20Rapport%20final.pdf>.

19 Et sief dann, et gett extern Quellen, e gutt Beispill ass den Hariko deen vun der Croix Rouge realiséiert ass.

20 Genee Erklärungen zum Kënschtler*innenstatut op guichet.lu, einfach ënner "Freizeit/Ehrenamt" noliesen: <http://www.guichet.public.lu/citoyens/de/loisirs-benevolat/culture-tourisme/statut-artiste/artiste-professionnel-independant/index.html>

21 Artikel WOXX: "KÜNSTLERSTATUS: Struggle for life" <http://www.woxx.lu/5935/>

entwéckelt huet. Am Kulturmanagement ass wéinst de groussen Uspréich vun den Institutiounen natirlech de Besoin un Aarbechtskräft immens grouss, doduerch dass et an der Kreatioun awer keng Perspektiv ginn, versichen och vill Kënschtler*innen hei Fouss ze faassen. D'Aarbechtskonditiounen sinn dax immens schlecht, besonneg fir Jonker. Ob et lo onbezuelt Vollzäit-Stagen oder Student*innejobs sinn, CDDen, Tricker mam Kënschtler*innestatut bzw. mam Statut vum "intermittent du spectacle" oder mat vun der ADEM bezuelte Beschäftigungsmesuren oder souguer Schwaarzaarbecht: Zumindest hei (an heiansdo noutgedrongen) sinn d'Institutiounen kreativ.

2.3) Wéieng Fërderung?

Nieft dem Festleeë vun de Konschtsparten an der Definitioun vum Aarbechtsmarché, huet d'Kulturpolitik och d'Fërderung vun Innovatioun a Nowuess un d'Institutiounen ausgelagert. Wéinst den Aschränkungen duerch déi eege Programmatioun, fehlenden Investitiounsméiglechkeeten, fehlender Ausriichtung op längerfristeg Fërderung a fehlender Beoptragung oder Verflchtung duerch de Ministère, war och dat héchstens eng gutt gemengten Iddi - déi ouni Resultat bleift. D'Institutiounen bidden kee Kader fir eng kënschtlersch Professionalisierung, si bidden just Slots fir Optrëtter - wat manner Virbereedungszäit a Budget fir een Optrëtt néideg ass, wat besser fir d'Haiser, déi jo ee ganz Joer Programm liwweren an international mathale sollen. Iwwerdeckt gëtt déi Tatsaach duerch eng gutt Offer fir Kanner a Jugendlecher, mä des Pädagogies-Sparte dierf net benotzt gi fir ze cachéieren, dass et keng richtig Fërderung gëtt fir Leit, déi sech eng Zukunft an der Kreatioun opbaue wëllen. De Facto besteet weder Plaz fir substantiell Expérimentierer nach kéinten Institutiounen bei gelongener Talent- oder Iddi-Sichtung de Kënschtler*innen eng Perspektiv am eegenen Haus bidden. ouni Perspektiv bleift awer all Form vun Fërderung sënnslos.

Amplaz vun enger richteger Fërderung ginn eng Rei vun Evenementer organiséiert, déi all vu sech behaapte, jonken Talenter mat der Schafung vu Visibilitéit zum Duerchbroch hëllef ze wëllen. Et funktionéiert an der Reegel sou: Eng Institutioun rufft en Talentconcours aus, bidd den Interesséierten e gewësse Kader (z. B. Reimlechkeeten a Betreuung) a mécht een Ofschloss-Event mat Präsentatiounen²². D'Participanten kréie weder eng adequat finanziell Entschiedegung oder Onofhängegkeet vu de Spillreegelen, nach eng wierklech Perspektiv fir duerno: Dat eenzegt wat bleiwt, ass d'Hoffnung, etabléiert Leit kennenzeléieren a beschtefalls an deenen hier Productiounen integréiert ze ginn. D'Betreiung erméiglecht zwar e gudde Erfahrungsaustausch, mä ass schlussendlech net inhaltlech innovatiounsfördernd - et kommen Tipps a Bewäertunge vun Etabléierten, aus bestoende Strukturen, mä nei Weeër a Léisungen ginn évitéiert. Fir d'Institutiounen lount sech dat Ganzt schonn éischer: Si huet ee relativ bëllege Programm (Jonker brauch ee jo net ze bezuelen, gell?), se kann extra Suen ufroen, se huet selwer onverbindlech Kontakter krut, huet sech zu näscht verflcht, brauch sech net em de wiedereren Opbau vun de Kënschtler*innen ze këmmern an et gi keng Folgeaktivitéiten. Dës Initiative si meeschtens gutt gemengt, mä naiv. An d'Aart-a-Weis wéi dës Initiativen als Beweis fir Talentfërderung presentéiert ginn, ass eng Schan.

D'Fërderung vu Jonken, déi sech tatsächlech op e kënschtlersch Beruff virbereede wëllen, ass zu Lëtzebuerg dax bevormunden. Vu vir era steet fest, dass sech Jonker keng eege Basis schafe kéinten a fréier oder spéider de Wee finanziell net laanscht d'Institutiounen an deenen hier Pläng féiert - et sief dann, et geet een an d'Ausland. Eegeninitiative ginn dowéinst net gefërdert, eegent Potential kann net opgebaut sinn, ausser et entsprécht zoufällg genee de Virstellungen vun enger Institutioun.

²² TalentLAB, Monolabo, GenerationART etc. a weider gutt gemengten Evenementer, wou ee "Neien Talenter eng Bühn bidd", ouni Verflchtung, ouni Perspektiv.

Och déi eigentlech Fërderung muss nees vun aneren iwwerholl ginn, well de Ministère se un d'Institutiounen weidergëtt an déi aner Pläng hunn. De Programm stART-up vum ONS stellt usech eng sënnvoll Initiativ duer: Et gëtt an d'Realisatioun vun enger Iddi investéiert - leider just iwwert ee kuerzen Zäitraum an ouni substantielle Budget. Och fehlen hei komplett d'Programmer fir mëttel- a längerfristeg Fërderung. De Kulturministère schéngt den Echec zwar bemierkt ze hunn well zögerlech de Budget vun der Fonds social culturel eropgesat gëtt, allerdéngs net sou substantziell, dass tatsächlech Perspektiven entstoe kéinten. Sou bidden ONS, FOCUNA an divers aner kleng Quellen ëmmer just ganz kuerzfristeg Ennerstëtzung²³, déi d'Bénéficiairen schlussendlech an d'Näischt lafe léisst, well kee Suivi méiglech ass.

2.4) Wéi ee Public?

Och op de Public huet d'Orientatioun un den Institutiounen en Impakt. Beim Versuch ee méiglechst héichwäerteg Programm op d'Been ze stellen, bleiwen automatesch bestëmmt Publikumsgruppen op der Streck - och bleiwen der Politik kaum Instrumenter fir spezifesch Gruppen z'ereeche bzw. eng u Partizipatioun orientéiert Kulturpolitik ze bedreiwen.

Iwwert dëst Phänomen gëtt et zwar net vill Zuelen, mä déi Zuelen, déi et gi, weisen, dass Lëtzebuerg europäesche Spëttereider war, wat den Ennerscheid an der Konschtconsommatioun je no Paie a Bildungsgrad betrëfft²⁴. Dass dës Zuelen net am Ae behale goufen an et keng méi rezent Zuelen aus Lëtzebuerg ginn, weist, dass et dem Ministère net drëm geet effektiv iwwer de Public ze schwätzen. Am Géigendeel: D'Argument "Public" gëtt versicht mat wëssenschaftlech fragwürdegen Etuden notzbar ze maachen. Déi rezent Emfro vun TNS-ILRES, déi vum Ministère an Opdrag gi gouf, an déi als Drockmëttel kuerz virun den Assisen präsentéiert gouf, léist weder Vergläicher mat aneren Etuden nach en Abléck an déi kulturell Partizipatioun je no Paie a Bildungsgrad zou²⁵. Falls d'Kulturpolitik den Accès zur Konscht verbessere wëll, muss se sech d'Instrumenter ginn fir d'Problematik erkennen an d'Moyene fir dorop réagéieren ze kënnen²⁶. Doduerch, dass d'Kulturpolitik awer och hieren eegenen Handlungsspillraum un d'Institutiounen iwwerdroen huet, huet se sech selwer zur oninforméierter Zuschauerin degradéiert. Grad zu Lëtzebuerg wier et awer wichteg, wann d'Konscht op d'Iwwerwanne vu Barrièren tëscht verschiddene Communitéiten ausgeriicht wier. Dat ass se awer net. Et fehlt all Versuch, eng Konschtzeen ze schafen, déi verbënnt.

Och bei der Konschtconsommatioun misste Milieuen an Nischen an de Fokus geréckelt ginn. Ervierzehiewen ass, dass d'Interesse fir verschidde Konschtnischen och dax ee Startpunkt fir déi eege Kreativitéit bedeit an eng zäitopwänneg Auseranersetzung mat der Konscht mat sech zitt. Doduerch wüsst ee kreativt Potential, dat vun der lëtzebuurger Kulturpolitik net gesinn an natirlech och net gefërdert gëtt.²⁷

23 Déi en plus anescht genotzt gi wéi geplangt, wa sech z. B. beim ONS, wou eng Finanzéierung just fir ee Joer méiglech ass, einfach ëmmer aner Memberen vun der nämmelechter Band umellen fir u Suen ze kommen.

24 Date vun 2009 ab Säit 172 <http://ec.europa.eu/eurostat/documents/3930297/5967138/KS-32-10-374-EN.PDF/07591da7-d016-4065-9676-27386f900857?version=1.0>

25 Dëst ass natirlech d'Taktik vum Xavier Bettel. Fir ze weisen, dass d'Konscht zu Lëtzebuerg net just fir d'Eliten ass, léisst hien nofroen wéi wichteg der Bevëlkerung "d'Kultur" wier - e Begrëff, deen ouni Definitioun méissverstanen an als Synonym fir "lëtzebuurger Identitéit" amplaz "Konscht" geholl gi kann http://www.gouvernement.lu/6110070/201602_TNS_Ilres_Sondage.pdf.

26 Eng besser Basis, déi och Vergläicher erméigleche kéint, wier d'Orientatioun vu Questionnairen un de standartiséierten europäeschen Modeller, z.B. dem Eurobarometer "Cultural access and Participation" vun 2013, zu deem een eng national Opschlësselung maachen an Vergläichszuelen fir 2016 schafe kéint. http://ec.europa.eu/public_opinion/archives/ebs/ebs_399_en.pdf

27 Dobäi gerode Subkulturen an Nischeproduktiounen an anere Länner schon zanter Joeren wesentlech méi an de Fokus vun der Kulturpolitik

Wat een de Moment zum Public soe kann, ass, wéiee Public (erfollegräich) probéiert gëtt unzeschwätzen. Hei gëtt et eng kloer Ennerdeelung an zwou Gruppen: Héichkultur fir d'intellektuell a finanziell Eliten op där enger Säit a Mainstreamproduktioun fir d'Massen op der anerer. Tëschent Philharmonie a Rock-a-Field ass net vill do. D'Net-Ennerstëtzung vun diverse fräien an éierenamtlech organiséierte Festivaler, déi sech u méi spezifesch Publikumsgruppe richten, ass symptomatesch fir dës bipolar Publikumspolitik. Bemierkenswäert ass och, dass déi staatlech Finanzéierung vun Evenementer fir méi breet Massen am Verglach éischer geréng ass - an dass sech dës Evenementer kommerziell loune sollen. Eng absurd Situatioun, wann ee bedenkt, dass d'Zuschauer*innen vun Héichkultur wesentlech méi grouss finanziell Moyenen hunn, wéi déi, déi sech en Ticket fir d'Rockhal kafen.

Och iwwert d'Offer fir e jonke Public muss geschwat ginn. Et gëtt vill gemeet fir e Kanner-Public, wat och einfach ass, well Kanner als en eenheetleche Public ugeschwat gi kënnen. Soubal déi pädagogesch Ausriichtung awer net méi zitt a sech bei Jonken verschidden Interëten an Usiichten entwéckelen, si se fir d'lëtzebuurger Kulturoffer als Public verluer.

3) Gewollte Problemer?

Et goufe lo eng Rei vu Problemer ugeschwat, déi sech duerch kulturpolitesch Grondsätz erginn, sech op d'Konschtconsommatioun ze beschränken an d'Konschtkreatioun net ze fërderen. D'Grënn fir dës Entscheedunge sinn offensichtlech, se hunn awer näischt mat Kulturpolitik u sech ze dinn. Dowéinst ass et och immens naiv ze gleewen, et hätt sech aus de Kulturjoeren eraus eng Dynamik entwéckelt, bei där "Emotiounen a Passioun" de Wonsch no Kultur zu enger gesellschaftlecher Prioritéit gi gelooss hunn²⁸. Genee sou naiv ass et, dovunner auszegoen, et géif keng Visioun fir d'Kulturpolitik ginn - et gëtt eng, mä déi ass fuerchtbar.

3.1) De Prestige-Facteur

D'Lëtzebuurger Politik huet eng Konschtzeen geschaf, wéi se fir d'Politik selwer am nätzlechen ass: Se ass op Profiliatioun ausgeriicht. Hei zu Lëtzebuerg geet et speziell och ëm d'Gebaier - vu dass dat dat eenzeg ass, wat wierklech do ass. Dat fänkt domat un, dass sech vill Kulturminister*innen mam Bau vun de verschiddene Gebailechekeeten een Denkmol setze wollten²⁹, geet domat weider, dass staatlech Zeremonien an deene Gebaier ofgehalen ginn (z. B. Nationalfeierdag) a se natirlech och der Wirtschaft zur Verfügung stinn, an hält domat op, dass

http://www.soziokultur.de/bsz/sites/default/files/file/Mager2014_AlternativeKulturelleEinrichtungen_art_10%201007_s13147-014-0314-7.pdf

- 28 Sou erkläert Lëtzebuerg et z. B. an engem detailéiert Profil vun der lëtzebuurger Konschtwelt (2004, http://www.gouvernement.lu/1824146/A_propos_Infrastructures_culturelles-DE) déi enner anerem och vir d'Duerstellung no baussen geduecht ass, an zB. op der Websäit vun der Ambassade zu Beijing (Oder "Pekin", wéi et an der URL heescht) ze fannen ass (<http://pekin.mae.lu/en/The-Grand-Duchy-of-Luxembourg/Culture>)
- 29 D'Kulturminister*innen zanter deem éischter Kulturjoer: D'Erna Hennicot-Schoepges wor vun 1994 bis 2004 Ministerin fir Kultur a vun 1999 un passenderweis och Bauteministerin (<http://ehennicotschoepges.lu/biographie/>), wat eng Hëllef war, fir eng ganz Rei vun Infrastrukturprojeten ungestouss an dofir iwwer 450 Mio € z'investéieren (<https://csv.lu/2004/04/a1622/>). Fir all d'Ouverturen an dat zweet Kulturjoer stoung dann de François Biltgen als Kulturminister um Pabeier, deem seng Kulturstaatssekretärin Octavie Modert dunn 2009 selwer Kulturministerin gouf - nach ëmmer mam Fokus op d'Infrastruktur ("Die Hausaufgaben: Erledigt: – Philharmonie, – Mudam, – Rockhal, – Neubau CNA, – Kulturjahr" <https://csv.lu/2008/08/a4543/>). An elo, no engem kuerzen Intermezzo vum Maggy Nagel, de Xavier Bettel a säi Wonsch, sech mat engem Musée fir lëtzebuurger Konscht ze veréiwegen.

d'Gebaier als Kuliss benotzt ginn, fir d'Land no baussen hin ze präsentéieren (z. B. d'Philharmonie an all Reklamm-Spot iwwer Lëtzebuerg, als Deel vun der nationaler Corporate Identity a souguer um Pass). Et gëtt een den Androck net lass, dass vill Politiker*innen iwwert prestigéies Kultur-Infrastruktur och déi national Mannerwäertgeekskomplexer bekämpfe wëilten³⁰.

Lëtzebuenger Politiker*innen wëlle sech natirlech och mat Kënschtler*innen ëmginn, déi iergendwelch Präisser gewannen - d'är gëtt et awer net genuch fir all Mount eng Photo an d'Zeitung kënnen ze setzen. Amplaz dat duerch Basisaarbecht wéi d'Fërderung vu Kreatioun ze änneren, gëtt versicht vun uewen erof den Erfolleg z'erzwéngen. Duerch Lobby-Aarbecht wéi op der Biennale zu Venedeg, de Filmfestspiller zu Cannes oder bei den Oscaren. Domat ginn och direkt déi Festivaler cibléiert, déi fir dee meeschte Prestige suergen, d. h. och bei de Festivaler zielt net d'Substanz, mä just d'Façade.

Alternativ ginn dann d'Méiglechkeete gekuckt, fir sech mat lëtzebuenger Konscht ze dekoréieren - ouni dofir d'Konditiounen änneren ze mussen. Ee symbolescht Beispill ass hei dee rezenten Opruff aus dem Kulturministère un d'Kënschtler*innen, am Kader vu engem Concours, eng Postkaart ze entwerfen, déi d'Regierung dann Silvester benotze kann.

E wichtegen Impakt bei de kulturpoliteschen Entscheedunge wäert sécher och d'Profiléieren vum Spëtzekandidat Xavier Bettel sinn. Seng Virgängerin Maggy Nagel huet misse spueren a sech onbeléift maachen - den Xavier Bettel d'ärf lo e Plang op den Dësch leen a kuerz virun den nächste Wahlen de Kulturbudget erhéijen³¹ an de Wieler*innen e Musée fir lëtzebuergesch Konscht schenken. D'Symbolik zielt - an net déi eigentlech kulturpolitesch Entscheedungen.

3.2) Parasite-Prinzip

"Luxemburgs Kulturleben hat viel zu bieten:

- *zahlreiche hochkarätige Kultureinrichtungen;*
- *Darbietungen international renommierter Künstler; [...]"³²*

Beim Bau vun der Kulturinfrastruktur vum éischte Kulturjoer u war d'Zil Reimlechkeeten ze schafen, an deenen och international Staren optriede kéinten. D'Logik ass, dass zu Lëtzebuerg ofgewaard gëtt, bis sech d'Kënschtler*innen am Ausland een Numm gemaach hunn, also bis dass sech aus de Prozesser vun Ausbildung, Innovatiounsförderung an dem Experimentéieren déi Talenter erauskristaliséiert hunn, déi et dann och zur internationaler Renoméie gepackt hunn. Eréischt dee Moment trëtt Lëtzebuerg op d'Landkaart a bitt d'Reimlechkeeten fir Optrëtter. Et ass ee bëllegt Geschäft: Schlussendlech bezillt Lëtzebuerg just fir de Kader, deen da vu bause gefëllt gëtt - Mir plécken eis d'Kiischen vum Kuch vun der internationaler Konschtförderung.

D'lëtzebuenger Politik verhält sech hei sou parasitär wéi a villen anere Politikfelder och.³³ Sou ginn eis Kënschtler*innen haaptsächlech am Ausland ausgebildt. Aner Länner schafen d'Substanz, këmmen sech ëm d'Konschtkreatioun a mir bedriewen duerno d'Konschtconsommatioun.

30 "Ab 1995 mussten wir uns mit dem Ausland konfrontieren und vergleichen." Guy Dockendorf

https://www.forum.lu/wp-content/uploads/2015/11/6910_298_Dockendorf.pdf

31 Dat deit hien ëmmer nees un, et fehlt him just nach eng plausibel a PR-technesch clever Begrënnung.

32 <http://www.luxembourg.public.lu/de/le-grand-duche-se-presente/luxembourg-tour-horizon/culture-et-traditions/index.html>

33 Wéi zum Beispill och der Héichschoulbildung, wou Lëtzebuerg Suen spuert, andeems mir aner Länner fir d'Ausbildung vun eisem Nowuess bezuele loossen.

3.3) Standuertpolitik amplaz Kulturpolitik

D'lëtzebuenger Kulturpolitik ass net selbststänneg, mä ënnersteet zum groussen Deel der Wirtschaftspolitik, déi op d'Profiléierung vum Wirtschaftsstanduert aus ass. D'Konscht steet am Kader vun der Tourismus- an der Standuertpolitik³⁴. Et geet drëm eng räich Clientèle fir eng Visite unzelackelen a well Lëtzebuerg an Zukunft op den Accueil vun HNWI's (High-Net-Worth-Individuals = Supperräicher) setze wëll, gëtt d'Konscht zum Indikator fir en héije Liewensniveau gebraucht.

D'Konscht ass awer net just Kuliss. D'Konschtschafender sollen dem Staat och aktiv bei der Stärkung vum Wirtschaftsstanduert hëllefen. Sou sot d'Maggy Nagel z. B. an engem Tageblatt-Interview vun 2014: "Das kulturelle Schaffen gehört zum Marketing des Landes. Mit ihren Werken helfen die Künstler, unser Land zu verkaufen. Deshalb müssen wir die guten Projekte unterstützen. Sie werden künftig von Fachleuten analysiert und dann gegebenenfalls gefördert."³⁵ An och de Xavier Bettel seet dat, a mécht direkt nach een zousätzleche Lien op, nämlech deen, vun der Fërderung vun der Kreativwirtschaft: "Nous voulons travailler avec les artistes, pour le nation branding par exemple, pour lequel ils ont été impliqués par le biais d'un grand échange d'idées appelé Créathon... Il y a tellement de créativité au Luxembourg, il faut en profiter!"³⁶ An deem Sënn ass och d'Ukënnegung vum Francine Closener fir ee "Cluster fir d'Kreativindustrie" ze gesinn: D'Regierung huet an den Aarbechter*innen vun der Kreativ-Industrie endlech eng Form vu Kënschtler*in fonnt, déi mat hierem Bild vu wirtschaftlech erfollegräiche Kënschtler*innen iwwerteneestëmmt.³⁷ Dass dat Ganzt näischt méi mat Konscht ze dinn huet, ass niewesächlech.

Deen drëtte wirtschaftlechen Aspekt, nieft dem Standuert-Faktor an dem Versuch, d'Konschtschafender fir d'Kreativindustrie ze benotzen, ass d'Spekulatioun mat Konscht an den direkte Rôle vu Konscht fir d'Finanzplaz³⁸. Et geet hei net ëm de symboleschen Wäert, dorëms wéi Banken a Beroderfirmen sech mat Konscht dekoréieren³⁹, hieren Image duerch Konschtfërderung wäisswäschen⁴⁰ oder hier Festivitéiten an den Kulturinstitutionen feieren⁴¹ - mä ëm de Freeport an den "Art & Finance" Beräich, op dee Lëtzebuerg sech kontinuéierlech spezialiséiert a fir deen och eng Mataarbecht vun den Konschtinstitutionen gewënscht ass.

3.4) Dat däischtert Kapitel vun de Konschtberuffer

De Kënschtler*inne Perspektiven ze schafen, d. h. Méiglechkeeten ze gi, fir sech iwwer öffentlech Gelder ze finanzéieren, ass weder besonneg deier (Konschtschafender hu manner héich Betriibskäschten wéi Gebaier) nach besonneg opwänneg. Allerdéngs passt dësen Aspekt

34 D'LSAP huet déi wirtschaftlech Notzbarkeet vu Konscht an hierem Wahlprogramm formuléiert: "Darüber hinaus muss Kultur als zentraler Faktor für Imageentwicklung eines Landes angesehen werden. Eine zeitgemäße Kulturpolitik und ein vielfältiges Kulturangebot gelten als Standortfaktor für die Ansiedlung neuer Unternehmen, als Motor bei der Schaffung von Arbeitsplätzen und als Magnet für die Anziehung hochqualifizierter Arbeitskräfte sowie als Grundlage für die touristische Entwicklung Luxemburgs." (Säit 25 https://www.lsap.lu/wp-content/uploads/LSAP_Wahlprogramm_2013_int%C3%A9gral_all.pdf)

35 Tageblatt-Interview: <http://www.gouvernement.lu/3505395/13-nagel-tageblatt>

36 Interview mam Land: <http://www.gouvernement.lu/6017129/23-bettel-land>

37 <http://www.gouvernement.lu/6094920/16-closener-cluster>

38 <http://www2.deloitte.com/lu/en/pages/art-finance/topics/art-and-finance.html>

39 <http://www.mudam.lu/de/sponsoring/arendt-medernach/>

40 "Bei PwC sind wir uns unserer Verpflichtung als gesellschaftlich verantwortlicher Unternehmung und als Leader unseres Berufsfeldes wohl bewusst. Wir sind uns auch im Klaren über die Wichtigkeit der Kunst was das Funktionieren einer jeden menschlichen Gesellschaft angeht, als Träger von Innovation, Kreativität und Diversität, Grundwerte, welche innerhalb unseres Unternehmens seit vielen Jahren begünstigt werden." <http://www.mudam.lu/de/sponsoring/pricewaterhousecoopers/>

41 <http://www.horizonconference.lu/>

vu Konschtförderung, deen an all mëttelgrousser Stad am Ausland z. B. a Form vun Theaterensembles feste Bestanddeel vun der Kulturpolitik ass, net an d'Strategie vum lëtzebuergesche Kulturministère. Opschonnns de Xavier Bettel net zéckt, iwver Facebook (3. Juni 2016) de Rôle vum Staat an der Finanzéierung vun Aarbechtsplazen beim Filmsecteur ze betounen ("An eiser Filmindustrie schaffe mat Hëllef vum Luxembourg Film Fund iwver 1.000 Léit"), probéiert hie, genee wéi seng liberal Virgängerin Maggy Nagel, d'Finanzéierung vu Konschtberuffer aus der Responsabilitéit vum Staat ze sträichen. Dëst natirlech ouni ze soen, wéi eng realistesch alternativ Finanzéierungs-Quellen et dann fir déi Leit gi géif: "J'explique toujours aux artistes que la mission de l'État ne peut pas être de les transformer en "fonctionnaires artistiques" ou en "artistes fonctionnaires" et de les maintenir ainsi en vie durant quarante ans avec des soutiens réguliers". D'Reguléierung vum Kënschtler*innestatut steet dowéinst nach ëmmer net op der Prioritéitelëscht vum Ministère an och Froe, wéi déi vun der Ongläicheet tëscht de Geschlechter an der Konschtwelt, déi duerch d'Beruffss-Situatioun entsteet, ass keen Thema.

Dass d'Kënschtler*inne vu liberale Kulturminister*inne aus politescher Iwwerzeegung vun uewen erof gekuckt ginn a Konscht léiwer haut wéi muer op de fräie Marché (ënnert d'Rieder) komme soll, ass novollzéibar. Dës Minister*innen ignoréieren einfach, dass d'Kulturfinanzéierung eng staatlech Aufgab ass, och wann dat soss iwverall an Europa de Fall ass. Dowéinst gëtt och weiderhin just déi Konscht ennerstëtzt, bei där den direkte wirtschaftlechen oder politeschen Notzen fir d'DP offensichtlech ass.

Wat genausou enttäuscht, ass d'Haltung vu ville Konschtschafenden selwer, déi sech hierem Schicksal erginn a mengen, wat de Marché manner reguléiert a wat d'Aarbechtskonditiounen méi prekär sinn, wat et méi drop ukënnt, sech alleng an am Noutfall géint déi aner duerchzusetzen. Besonneg am Virfeld vun den Kulturassisen fällt de Prinzip "No uewe bécken, no ennen trëppelen" op. Kënschtler*innen hu keng Problemer domat, sech géigesäiteg mat prekären bis abusive Verträge anzustellen. D'Solidaritéit bleift op der Streck, wa beim Versuch, méiglechst alle wichtege Persounen ze gefalen a keng Gewiichter u sech hänken ze hunn, d'Kënschtler*innen zu totalen Eenzelkämpfer*innen mutéieren. Och Idealer bleiwen op der Streck, schlussendlech gëtt alles gemaach, fir finanziell iwver Waaser oder och just am Gespréich ze bleiwen: Privat Sponsoren mat Extra-Wënsch, gratis Optrëtter bei RTL oder a Banken ausstellen: Kee Problem.

3.5) Jugendfeindlechkeet: "Das Boot ist voll"

E lescht Phänomen, dat dorop hiweist, dass d'Problemer vun der Kulturpolitik duerchaus gewollt sinn, ass déi prinzipiell Jugendfeindlechkeet, déi sech duerch d'Land zitt a sech an der Konschtzeen nach verstärkt. Bei jonke Kënschtler*innen zielt souzesoen den duebelen "se solle mol eppes schaffe goen"-Effekt, d'Skepsis vis-à-vis vun Neiem a vu Projet'en aus der Jugendkultur ass grouss.

E groussen Impakt op jonk Konschtschafender hat d'Kierzen vun de Studeboursen, déi déi éischt vun de Spuermesuren vun der Regierung war. Studéierender a Konschtstudiegänk si besonneg hefteg duerch déi nei Bindung vun der Bourse un d'Paie vun den Elteren getraff, well déi Jonk sech dax géint de Wëlle vun hieren Elteren fir dës Fächer entscheiden⁴². Och besteet an dese Fächer en immens héijen Drock fir praktesch Erfahrungen ze sammelen an dat a Beruffsfelder, an deene Student*innenjobs meeschtens onbezuelte sin. D'Finanzéierung vu Projekte vu Jonken iwwert de Kulturministère ass minimal, et gëtt eng grouss Skepsis a relativ

42 Mat deelweis och witzige Géigekampagne vu Konscht-Unien <http://www.jetzt.de/textmarker/oh-mein-gott-du-willst-kunst-studieren-534224>

héich Hürden (z. B. d'Virleeren vun engem finanziellen Bilan vun engem Grupp) a laang Bearbechtungszeiten (3 Méint), déi och fir minimal Betrag gefrot ginn. Jonker melle sech fir hier Projeten dowéinst schlussendlech dax beim SNJ, wou se op wesentlech méi Verständnis treffen, deen awer eigentlech net dofir zoustänneg si sollt, well hei kënschtlersch Aspekter am Virdergrond stoe sollten. Schlussendlech ginn innovativ, eegestänneg Projete vu Jonken ausdréchnen gelooss, well et einfach u Weeër fehlt, Perspektiven ze schafen.

Et huet een den Androck, dass och dat gewollt ass. Déi Jonk sollen net hier eegen Iddien entwéckelen, mä sech glécklech schätzen, wa se bei de Projete vun alen, expériméitéierte Leit dobäi si kënnen. Andeems deelweis aus Projete vun a fir Jonker vun den Institutiounen souguer ee Geschäft gemaach gëtt, andeems d'Participatioun eppes kascht, entstinn zousätzlech Hürden. Vun den Etabléierte gëtt den Androck vermëttelt, dass een hinnen eppes forthuele kënnt - dowéinst bleift fir Jonker laang Zäit näischt aneres wéi schlecht Contracter, den Zwang sech unzepassen an herno dankbar ze sinn fir déi Chancen, déi se kruten.

A genee sou sinn och d'Kulturassisen virbereet. Et geet em d'Zukunft vum Konschtsecteur, mä d'Schüler*innen op de Konschtsectiounen souwéi déi 700 Student*innen aus de kreative Studiengäng gi net agebonnen. De Xavier Bettel an de Guy Arendt präsentéieren zwar "d'Kanner" als rhetoresch cleveren Häerzensprojet, mä hunn nach zu kengem Moment gesot, wat dat konkret heesche soll bzw. wéieng kulturpolitesch Mesure getraff gi sollen.

4) Wat een doraus schléisse kann

Et gëtt Zäit, dass zu Lëtzebuerg wierklech iwver Kulturpolitik geschwat gëtt an dass dee Moment och déi grondsätzlech Froen um Ordre du Jour stinn. Am Moment huet sech d'Kulturpolitik duerch hier Fokusséierung op Institutiounen all Spillraum fortgeholl a ka guer net selwer gesaten Ziler errechen. Et fehlt u Substanz, u Nohaltegkeet. Et gëtt keng Innovatioun, keng lokal Verwuezelung, keng Diversitéit. Et gëtt keen Nowuess a keng Förderung vum Potential, wat do ass.

I. LÉISUNGSVIRSCHLEI

1) Potentialer notzen

Et gi gutt Grënn, firwat et lo sou séier wéi méiglech zu engem Ëmdenken komme sollt a firwat Lëtzebuerg elo an d'Kreatioun an a Perspektiven fir Konschtschafender investéiere sollt. Haaptsächlech geet et drëm, Potentialer, déi et zu Lëtzebuerg ginn, ze notzen amplaz ausdréchnen ze loossen.

1.1) Elo dat lokalt als dat internationalt verstoen

Dat éicht Potential vu Lëtzebuerg ass d'Zesummesetzung vun der Gesellschaft. Déi extrem vielfälteg Mëschung kéint d'Basis fir eng vun Innovatioun explodéierender Konschtzeen sinn - ass se awer net, well d'Konscht duerch déi grouss Institutiounen vun uewen erof op Lëtzebuerg dropgesat gouf, amplaz sech vun ënnen eraus ze entwéckelen an da gefërdert ze ginn. Doduerch geet Lëtzebuerg dat komplett Potential aus senger lokalen a regionalen Spezifitéiten verluer. Lëtzebuerg kéint d'Experimentéierbecken fir eng europäesch Konscht- a Kulturpolitik sinn, ass et awer net, well mer léiwer international etabléiert Kënschtler*innen vu baussen heihinner ruffen.

Déi lëtzebuerger Kulturpolitik ignoréiert hei och komplett de Fait, dass international etabléiert Kënschtler*innen irgendwou hier regional Basis haten, hier Kreativitéit d'aus lokale Strukturen gezunn hunn an duerch eng adaptéiert Fërderung vun deem, wat si gemaach hunn, iwwerhaapt eréischt eng international Relevanz erreeche konnten. Grad déi regional Konschtfërderung, d'Fërderen vu klengen Strukturen, d'Fërderung vu "Start-ups", vun Experimenten, d'Schaffen an d'Erhalen vu Nischen, d'Orientatioun um lokalen Umfeld an un dem diversen, lokale Public ass d'Basis vun nohalteger Konschtkreatioun. Aus dëser kreativer Substanzarbecht eraus, déi sech och op déi lokal Eegenheete baséiere kann, ergi sech dann och schlussendlech déi international relevant Konschtproduktiounen. Lëtzebuerg huet duerch d'Zesummesetzung vu senger Gesellschaft e groust Potential - et bleift awer am Moment ongenotzt.

1.2) Elo op d'Jugend setzen

Lëtzebuerg huet een enormt Potential, wat Nowuess fir d'Konscht- a Kreativberuffer ugeet. Dat läit un der fester Verankerung vu Konschtfächer/Sektiounen an de Schoulen (E an F Sektiounen, Arts et Metiers, BTS), zumindest wat Musek ugeet och u Conservatoire, Musékschoulen a Museksveräiner, un den diverse Programmer fir Kanner an awer och um eegestännegen Opbau vu Jugend- a Subkulturen. Déi wuessend gesellschaftlech Akzeptanz fir d'Beschäftegung am Kreativ-Milieu féiert, grad wéi den international wuessenden Aarbechtsmarché vun der Kreativindustrie, dozou, dass ëmmer méi talentéiert Jonker sech traue hier Studiefächer deementspreechend auszewielen.

Et sinn de Moment ca. 1200 Studéierender (Residenten a Frontalieren inclus, Zuele vu 2014/15) am Beräich "Beaux Arts et Audiovisuell" op den Unien ageschriwwen, an och Leit aus "Lettres et langues" souwéi den "Sciences Sociales" gehéieren zum Krees vum Potential⁴³. Dës Zuelen maachen de wesentlechen Ennerscheed zur Zäit virun de Kulturjoeren aus - an

43 <http://www.statistiques.public.lu/fr/actualites/conditions-sociales/enseignement/2015/09/20150925/aidefinanciereMESR.pdf>

d'lëtzebuenger Politik huet nach net reagéiert. Duerch déi wäit Verdeelung vun de Studéierenden op deenen ënnerschiddlechsten Unien kéint sech insgesamt eng immens wäertvoll Wëssensbasis bilden, allerdéngs ass d'Vernetzung vun de Studéierenden aus Lëtzebuerg ënnerteneen sekundär par rapport zur Vernetzung sur place an an deene lokale Kreativ-Strukturen am Ausland. Duerch dese Mangel u Vernetzung zu Lëtzebuerg, u Fërderung fir eegen Iddien an u Perspektiven hei am Land orientéiere sech déi meescht vun de Kreativschafenden um Aarbechtsmarché am Ausland, klammen do an d'Beruffsliewen an oder grënnen do hier kreativ Start-ups.

Zu Lëtzebuerg fehlt d'Fërderung vun eegestännegen an neien Iddien, et fehlt de Kader fir z'experimentéieren. Jonker, déi hiert Potential an hiert Wëssen voll ausnotze kéinten, kéinten och selwer de Marché an de Public analyséieren, selwer Nische fannen an innovativ Konzepter etabléieren. Dëst an der Kreativ-Industrie zentralt Element vun der Iddi-Fërderung gëtt zu Lëtzebuerg virun allem am non-kommerziellen, kënschtlereische Beräich net ennerstëtzt a sou fehlt schlussendlech d'Basis, fir dass Iddien aus an zu Lëtzebuerg sech weiderentwéckelen an en Impakt hu kënnen.

De gesellschaftlechen (a wirtschaftlechen) Verloscht fir Lëtzebuerg, deen doduerch entsteet dass déi kreativ Käpp am Ausland bleiwen oder heiheim Enseignant gi, well se hier Iddien net ëmsetze kënnen, ass grad esou grouss wéi onnëtz.

1.3) Elo ophalen d'Infrastrukture sou eescht ze huelen

Während Lëtzebuerg a grouss an deier Infrastrukturen investéiert, huet d'lëtzebuenger Kulturpolitik e wichtegen Trend verpasst, an zwar dee vun der Onofhängegkeet vun der Konschtkreatioun vu Gebaier a Reimlechkeeten. An deene méi neie Konschtparten, z. B. Film a Photographie spille Gebaier weder bei der Kreatioun nach bei der Distributioun eng zentral Roll. Den Impakt vun de neie Medien op dat kreativt Schafen verännert d'Aarbechtsweisen an ganz dax och de Produktiounsëmfank.

Alleng och wéinst Mangel un Ennerstëtzung huet sech déi alternativ Konschtkreatioun vu Gebaier onofhängeg gemaach bzw. ass zumindest immens flexibel an upassungsfähig ginn. Theaterstécker, Filmscreenings, Ausstellungen a Concerten kënnen tatsächlech iwwerall stattfannen - inklusiv am Internet. Passend zu deenen neien Distributiounsméiglechkeeten, déi als Zil natirlech och d'Ereechen vu ganz neie Publikumsgruppen hunn, gëtt et och nei Produktiounsméiglechkeeten, inspiréiert un de Konscht- a Kreativsecteuren aus anere Länner, an deenen eben grad den Accès zu Infrastruktur an Equipement gefehlt huet.

Dës Entwécklung ass eng grouss Chance fir d'Kulturpolitik, déi sech net méi sou vill em d'Betriibskäschten vu Gebaier an em d'technescht Equipement këmmere misst, mä direkt a Käpp an an Iddien investéiere kéint - wat schlussendlech souguer méi bëlleg ass. Dat mécht se awer net zu Lëtzebuerg, hei steet (och an der Kulturpolitik) dat materiellt am Virdergrond. E weidert Potential geet verluer.

1.4) Elo op Nischen setzen

D'Stärkt vu lokaler Konschtkreatioun besteet meeschtens aus dem Besetze vun Nischen, also der Spezialisatioun op bestëmmt Aktivitéiten an am Experimentéieren mat a Weiderentwéckelen vun dese speziellen Approchen. De Succès an der Nischeproduktioun ass meeschtens d'Virraussetzung, fir dann mat enger Iddi och ee méi breede Public uschwätzen ze kënnen. Parallel ass d'Existenz vu verschiddene Milieuen an Nischen an d'Interactioun vun

dëse Milieuen d'Grondvoraussetzung fir iwwerhaapt eng Konschtzeen ze kreéieren.

D'Aflëss op de Mainstream duerch d'Nischen mécht schlussendlech d'Qualitéit an dat Besonnegt vun enger regionaler oder nationaler Konschtzeen aus. Nischeproduktiounen schafen Identitéiten a parallel eng Diversitéit, déi et net zulescht och erméiglecht een immens diverse Public unzeschwätzen.

D'lëtzebuerger Kulturpolitik ignoréiert dëse Prinzip (virun allem bei der Finanzéierung), well se mengt, se kéint och ouni Nische-Förderung eenz ginn. D'Konschtzeen zu Lëtzebuerg ass dowéinst keng lieweg, mä eng steril an un der Programmation vun den Institutiounen ofhängeg, déi verkrampft versiche, sech duerch den Import vun internationalen Offeren eng Identitéit ze schafen - wat schlussendlech net geléngt ka, well se parallel ëmmer déi komplett Zougänglechkeet (Mainstream) vun den internationale Kënschtler*inne garantéiere wëlle/mussen.

1.5) Fazit

Déi Potentialer, déi et zu Lëtzebuerg ginn, gehéieren all zesummen, sinn ënnertenee verbonnen. Et gëtt eng ideal Ausgangsbasis fir eng innovativ Kulturpolitik, déi awer vu Säiten vun der Kulturpolitik net genotzt gëtt a vu Säiten vun de groussen Institutiounen net genotzt gi kann.

2) Wat sech ännere muss

2.1) Kee Gestaltungsmonopol méi vun den Institutiounen

D'Kulturpolitik däerf hier Responsabilitéiten net ëmmer weider un déi grouss Institutiounen auslagere. D'Institutiounen kënnen wéinst hiere finanziellen Zwäng an dem Fokus op déi eege Programmation net déi Aufgaben iwwehuelen, déi eng Kulturpolitik huet. Den Trend an der Finanzéierung, bei deem zulescht 86% vum gesamte Kulturbudget direkt un déi grouss staatlech/ëffentlech Institutiounen gaangen sinn, muss dowéinst gestoppt ginn. D'Institutiounen an d'Acteuren aus den Institutiounen däerfen net méi déi eenzeg Lobby-Grupp an der Konschtzeen sinn.

Bei allen nächste kulturpolitesche Schrëtter muss dowéinst drop opgepasst ginn, dass déi aner Acteuren aus der Konschtzeen gestärkt ginn. Dat heescht virun allem d'Kënschtler*inne selwer. Däer Meenung war d'DP iwwegens och selwer⁴⁴ an déi Ausso huet et och an de Regierungsprogramm gepackt⁴⁵. Deemno wier lo theoretesch net méi d'Fro ze klären, ob, mä wéi d'Suen tatsächlech sou agesat gi kënnen, dass se an der Kreatioun ukommen.

2.2) De Kreesslaf vun de Suen ëmdréinen

Wann d'Kreatioun an d'Innovatioun solle gestärkt ginn, däerf et keng Tëschenetappen a keng Filteren tëschent Geldquell a Kreatioun ginn. D'Suen mussen als éischt do ukommen, wou se

44 "In den zurückliegenden Jahren haben die diversen Regierungen viele öffentliche Gelder in kulturelle Infrastruktur investiert. Jetzt wird es höchste Zeit, diese Bauten im Sinne der Kulturschaffenden und Kunstinteressierten inhaltlich zu nutzen und mit kreativem Leben zu füllen. Dazu bedarf es einer optimalen Förderung für Künstler" (DP Wahlprogramm 2013 <http://www.dp.lu/de/eis-politik/kultur>)

45 "Après les investissements considérables des dernières années dans les infrastructures culturelles, il importe maintenant de promouvoir activement les artistes, leurs œuvres et leurs créations. Il s'agit de remettre les artistes au milieu de la scène culturelle." <http://www.culture.lu/fr/2/bid.7788/ministere-de-la-culture-grand-duche-de-luxembourg.html>

och tatsächlech d'Zil vun der Fërderung erfëllen an eréischt duerno bzw. doduerch den institutionelle Kader vun der kënschtlerscher Kreatioun erméiglechen - net emgedréint.

Dat heescht, dass de Kreeslaf vun de Suen ëmgedréint gi muss . Am Moment fléissen d'Sue vum Ministère an d'Institutionen a vun do aus leeft een Deel weider bei d'Kënschtler*innen. Sou ginn d'Kënschtler*inne gezwonge, sech dem Kader vun der Institution unzepassen, wat, wéi gewise gouf, problematisch fir Innovatioun, Nohaltegkeet a Public ass. D'Alternativ wier, d'Suen un d'Kënschtler*innen an hier Projeten ze verdeelen, déi sech domat dann eng Institution aussichen. D'Institutionen hätten dee Moment och ee (finanziellen) Interêt déi Projeten z'ënnerstëtzen an z'integréieren, déi ausgewielt goufen. Insgesamt géife sech d'Institutionen sou duerch Projete weiderentwéckelen.

2.3) Éffentlech Fong fir d'Ereche vu gesellschaftlech gesaten Ziler

De Kulturministère muss eng Méiglechkeet schafe fir eng onofhängeg, transparent an u gesellschaftlechen Ziler orientéierten Innovatiouns- a Kreatiounsfërderung z'erméiglechen. D'Zomme mussen d'Onofhängegkeet vu Kënschtler*innen a Konschtgruppe souwéi d'Nohaltegkeet vun hieere Projete garantéieren. Dës Roll muss engem éffentleche Fong zoukommen, well de Kulturministère selwer och net iwwert déi entspreichend Kompetenze verfügt.

Am Moment ginn et mat der FOCUNA an dem ONS zwee Fongen. D'FOCUNA (oder een ähnlech funktionéierenden Fong) misst direkt vum Kulturministère finanziert a kéint déi zentral Plaz fir d'Fërderung vu Kreatioun ginn, wa se d'finanziell Moyenen hätt an entspreichend Programmer opsetzt. Eng graff Orientatioun gëtt och de Filmfong, woubäi dese sech kloer vun der Aufgab vun der Innovatiounsfërderung distanzéiert huet a seng vill ze onspezifesch Fërderung just iwwer Produktiounsboîte lafe léisst.⁴⁶

2.4) Kulturetaterhéijung gebonnen un d'Entwécklungen

Et wier onverantwortlech lo einfach weider Institutionen opzemaachen - d'Pläng vum Kulturminister Xavier Bettel fir e weidere Musée si verantwortungslos an renger partipolitesche Calcul. Wann et zu enger Erhéijung vum Kulturbudget kënnt, mussen dës Suen nohalteg investéiert ginn - eng Erhéijung muss dowéinst Schrëtt fir Schrëtt kommen a sech un de villverspreichenden Entwécklungen vun enger Innovatiounsfërderung orientéieren. Kuerz: De Kulturbudget muss op eng nohalteg Aart-a-Weis erhéijt ginn.

3) Konkret Virschléi

D'Analyse vun de Problemer a vun de Potentialer souwéi déi grondsätzlech Pisten, déi opgezeechent goufen, fir e neien a wichtige kulturpoliteschen Impuls ze ginn, si relativ liicht a konkret Proposen ëmzewandelen. Et ass net onbedéngt eng Fro vun engem méi héije Budget, mä eng Fro vu kulturpolitesche Prioritéiten.

3.1) Undeel un direkter Fërderung fir Kreatioun erhéijen

Zanter 1991 schwankt d'Investitioun vum Ministère, wat d'Konventionen mat méi klengen Institutionen, direkte Subsidien a Boursen ugeet, tëscht 12 an 18% vun den Dépenses

46 Filmfong Gesetz:

<http://www.filmfund.lu/fr/content/download/2372/30108/version/3/file/Loi+du+22+septembre+2014+relative+au+FONSPA+-+SCL.pdf>

générales, d. h. dësen Undeel läit ongeféier tëscht 6 an 9% vum gesamte Kulturbudget. Dëse Montant muss erhéicht ginn an zwar andeems d'FOCUNA mat engem generellen Investitiounsplang déi neideg Resource kritt, fir eng Rei nei Programmer an eng wesentlech Erhéijung fir Projetsfinanzéierung ze stäipen. Déi nei Fërderunge mussen op d'Finanzéierung vu Mënschen, Iddien an Perspektiven ausgeluecht, nohalteg a sou substantiell sinn, dass Kënschtler*innen tatsächlech hei eng Plaz fanne, fir hier eege Projeten ëmzestetzen. Et ass och immens wichteg, dass transparent Kritären fir d'Finanzéierung ausgeschafft ginn.

Schonn alleng eng Verduebelung vum Etat vun der FOCUNA vun eppes iwwer 2 Mio € (net mol 2% vum gesamte Kulturbudget) op 4 Mio € hätt e groussen Impakt a géif et erméiglechen, d'Wierkunge vun direkter Projets- a Kënschtler*innensubventioun ze studéieren. Finanzéiert wier dat Ganzt duerch eng minimal Erhéijung vum Kulturbudget oder noutfalls duerch eng Nullronn bei den Institutiounen - déi jo indirekt och nees vun der Kreatiouns-Finanzéierung profitéiere géifen (zumindest déi méi kleng Institutiounen), wa sech d'Kënschtler*innen mat hieren subventionéierte Projeten no engem institutionelle Kader sichen.

3.2) Stipendie fir Jonker

Zousätzlech misst en zentrale neie Programm vun der FOCUNA Stipendie fir Jonker an hier Projete verginn. Iwwert ee festen Zäitraum (1-3 Joer) géife Suen direkt un d'Kënschtler*innen oder Konschtgruppe goen an en zousätzleche Montant als Basis fir d'Produktiounskäschte vu Projeten dobäikommen. Dës finanziell Onofhängegkeet géif op Basis vun enger Demande accordéiert ginn, déi souwuel d'Nohaltegkeet an d'Perspektive vum Projet opzeechnet, wéi och Schrëtt festleet, déi an der Zäit vum Stipendium ereeht gi sollen. D'Beneficiairen wenne sech dann fir hier Projeten ëmzestetzen gréisstendeels, mä net zwéngend, u bestoend Institutiounen, déi da versichen ee Kader ze kreéieren - an dofir jo och all Intérêt hunn, well se keng finanziell Nodeeler hätten. D'Gestaltung vun de Projet'en géif domat souwuel an der Hand vun de Kënschtler*innen, wéi och vun der FOCUNA an der Institutioun leien, déi d'Projeten, d'Entwécklungen an d'Perspektiven gemeinsam evaluéiere kéinten.

Zil kann et och sinn Jonker duerch hier Stipendien u bestoend grouss a kleng Institutiounen ze bannen a bei den Institutiounen de Besoin ze kreéieren dës Jonken e feste Kader an och eng Zukunft nom Enn vum Stipendium ze bidden (woufir et och Drock vum Ministère aus gi muss, well d'Institutiounen soss nom Oflaf vum Stipendium d'Projete fale loossen). Sou e Stipendium huet awer virun allem als Zort "Start-up"-Fërderung de Virdeel wierklech an Innovatioun investéieren ze kënnen an domat d'Talenter zu Lëtzebuerg ze halen - an hinnen hei eng Entwécklungszeit fir nei Iddien ze ginn.

De Käschtepunkt vu sou engem Programm wier ofhängeg vun der Zuel vu Stipendien, déi accordéiert ginn - mä insgesamt relativ kleng, well et bal just Personalkäschte sinn.